



De Platte Knuet



Centenaire

Séance académique



Aktivitéits-Säiten

Himmel&Häll, Kniët, PakGamelle



News

aus dem Verband, ONGD



C'est la chaussure qui fait l'allure

C'est l'assurance qui fait la voiture



Votre **nouvelle voiture**, tout comme vos chaussures, vous permet de vous déplacer aisément et souligne votre style et votre besoin de liberté!

- Grâce aux formules 'Performance', 'Confort' et 'Sécurité', **easyPROTECT-Auto** s'adapte à vos besoins personnels, vos moyens et votre voiture.
- **easyPROTECT-Auto**, c'est une couverture ultra-complète qui vous permet d'opter pour une garantie Casco sans Malus, des services d'assistance 24 heures sur 24 et le paiement par mensualisation gratuite.
- Profitez en plus de rabais exceptionnels: rabais de bienvenue pour tout nouveau client, rabais de pluralité jusqu'à 100.- € par voiture lors du regroupement de vos contrats d'assurances.

easyPROTECT-Auto, c'est votre choix de qualité! Parlez-en à votre agent ou contactez notre service clientèle au tél. 47 61-1.

Découvrez les avantages de votre espace client

lalux for you sur www.lalux.lu

lalux - meng Versécherung

VIRWUERT

Versprechen – 100 Joer Feier – Kongress

Am Géigesaz zu der Erzielung vum «100-järegen deen aus der Fënster geklommen a verschwonnen ass», sinn d'LGS och no engem Joerhonnert nach ëmmer gewëllt present ze bleiwen an hir Roll an der Gesellschaft wouer ze huelen.

D'Séance académique zu de Feierlechkeeten ass eriwwer, an elo stinn déi regional Spotten um Programm. D'LGS wëllen an de Regiounen mat hire Gruppe feieren, an hinnen esou d'Méiglechkeet ginn, um Terrain, bei de Leit, ze weise wat si drop hunn. Fräi nom Motto: „Komm kucken, feier mat, a maach och du bei dëser Succes-Story mat!“. D'Gruppen hunn sech bereet erkläert matzemaachen, an eng grouss Verantwortung läit bei hinne fir sech attraktiv an interessant ze presentéieren. Mir sinn iwwerzeegt, datt si dat hikeréien, an hiren Asaz sech bezuelt mécht. Den 18. Mee 2019 gétt op 3 Spotten uechtert d'Ländchen eng eemoleg Promotioun vun de Guiden a Scouten gemaach. Kommt mir loosse eis déi Chance net ongenotzt entgoen. De Verband, besonnesch duerch hire Koordinator dem Fränz, wäert de Gruppe mat Rot an Dot zur Säit stoen. Mir freeën eis drop dee besonneschen Dag mat iech, äre Frënn a Bekannten, zesummen z'erliewen.

De Kongress 2018 zu Réimech huet gewisen, datt e groussen Interessi bei eise Membere besteet fir un der Verspriecheännerung matzeschaffen, fir en einfachen, verständlechen Text ze formuléieren, dee brancheniewergräifend als Basistext ka genotzt ginn, a wou de spirituell-reliéisen Aspekt, deen d'LGS ausmaachen, beuecht gétt.

Iwwert d'Newsletter vum Februar ass d'Virgoensweis matgedeelt ginn, an déi 2 éischt Regionalversammlungen, den 25. an den 28. Mäerz 2019, hunn eng positiv Resonanz kritt. Eng 3. Versammlung fënnt den 13. Juni 2019 an der Géisserei statt fir een neie Verspriechestext ze proposéieren.

Eis Membere kréien hei d'Geleeënheet un engem historesche Moment an der LGS Geschicht dobäi ze sinn. Konstruktiv, kritesch a verantwortungsbewusst; LGS eben!

Kongress a Chefdag kréien 2019 eng nei Nues: de Chefdag fënnt, zesumme mam Kanudag, de WE vum 21. an 22. September am Mariendall statt. De Kongress fënnt duerno den 16.10.2019 statt.

Traditionsbewusst an Innovativ, d'LGS si prett fir dat nächst Joerhonnert. Mat dir!



Fidèles à nos traditions, et prêts à relever les défis de notre temps, les LGS ont tous les atouts pour affronter le siècle à venir. Avec ta participation!

**Be prepared!
Anouk Galassi an Yves „Ivo“ Marchi**

Promesse – Centenaire – Congrès

Contrairement au récit « Le vieux qui ne voulait pas fêter son anniversaire », les LGS ont l'intention de fêter leur centenaire. Ils sont prêts à continuer d'assumer le rôle important qui leur incombe dans la société.

La séance académique fait déjà partie du passé, et la prochaine échéance concerne les spots régionaux. Les LGS veulent fêter leur centenaire dans les régions, avec leurs groupes locaux, afin de leur offrir une possibilité de se présenter au public. L'idée de ces festivités régionales se résume à « attirer – convaincre – faire participer » de nouveaux membres à cette histoire à succès. Les groupes locaux se sont engagés dans la préparation des spots régionaux, et une grosse part de responsabilité leur revient pour se présenter de manière attrayante et intéressante au public. Nous sommes convaincus que les efforts fournis seront couronnés de succès. Le 18 mai 2019, les spots régionaux auront lieu sur trois sites différents à travers le Grand-Duché, et tous les regards seront rivés vers les LGS ce jour-là. A nous tous de montrer que nous sommes capables de saisir cette opportunité unique qui se présente à nous. Le comité fédéral, et en particulier son coordinateur régional Fränz, soutiendront l'action régionale. Nous nous réjouissons à l'idée de pouvoir fêter cette journée particulière en votre compagnie et celle de vos amis.

Le congrès 2018 à Remich a clairement fait ressortir l'intérêt et la volonté de nos membres de s'investir activement dans le dossier relatif à la modification de la « promesse scout ». Le but est d'aboutir à une formulation claire et simple, adaptée à toutes les branches d'âge, et qui fasse référence au fondement religieux/spirituel qui caractérise notre mouvement.

L'approche retenue pour mener lesdites discussions avec nos membres a été exposée dans la Newsletter de février 2019, et les réunions régionales des 25 et 28 mars 2019 ont connues un franc succès. Une troisième réunion, dans le but est de proposer un nouveau texte pour la promesse scout, aura lieu le 13 juin 2019 au siège des LGS à la Géisserei.

Nos membres ont ainsi la possibilité de participer activement à un moment crucial de l'histoire des LGS. Constructif, critique et responsable, fidèle à nos valeurs!

Le congrès et la journée des chefs se présenteront sous une autre forme pour la rentrée 2019/2020. La journée des chefs, en date des 21 et 22 septembre au Marienthal, proposera e.a. des séances de formation continue qui étaient réservées jusqu'à présent au « Kanudag ». Le congrès aura lieu le 16 octobre.

Centenaire Séance Académique

10. März 2019



100 JOER LETZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN

Mir feieren den 18. Mee 2019 vun 10h00-18h00 zu:

MIERSCH / Park
ESCH BELVAL / Héichiewen
LËTZEBUERG-STAD / Kinnekswiss

De ganzen Dag typesch Scoutsaktivitéite fir matzemaachen!
Fir lessen an Gedrénks ass gesuergt!
Fir weider Informatiounen: 100joer.lgs.lu

Lëtz.-Stad/Kinnekswiss

- Äischen
- Bartreng
- Beggen Saint
- Bouneweg
- Cents
- Gaasperech
- Houwald
- Kiem
- Lampertsbiereg
- Leideleng
- Lëtzebuerg Arche de Noé
- Lëtzebuerg St. Alphonse
- Lëtzebuerg Pierre d'Aspelt
- Lëtzebuerg Gare
- Lëtzebuerg Belair
- Réimech
- Sandweiler
- Walfer
- Wuermer
- Zéisseng

Esch Belval / Héichiewen

- Belval-Metzerlach
- Beetebuerg
- Biele
- Diddeleng
- Duelem
- Déifferdeng
- Esch St. François
- Esch St. Joseph
- Esch-Grenz
- Käerjeng
- Käl
- Monnerech
- Péiteng
- Rodange
- Réiserbann
- Schéffleng
- Stengefort
- Suessem

Miersch / Park

- Beefort
- Biekerech
- Dikrech
- Eschduerf
- Ettelbréck Guiden
- Ettelbréck Scouten
- Gréiwemaacher
- Grosbous
- Housen-Houschent
- Iechternach
- Jonglënster
- Klierf
- Luerentzweiler
- Miersch
- Nidderanven
- Ruedt-Sir
- Wolz
- ONGD Guiden a Scouten fir ENG Welt



Eng kuerz π -Geschicht

2019 steet ganz am Zeeche vun den 100 Joer Lëtzebuurger Guiden a Scouten. Dëst hu mir als Ulass geholl fir emol e bëssen an den Archive vun de CaraPio ze wullen an hunn dobäi selwer vill Interessantes entdeckt.

« CaraPio » : Wat bedeit dat? D'CaraPio si bei der Fusioun vun de Guiden an de Scouten am Joer 1994 entstanden a setzen sech aus den Nimm « Caravelle » a « Pionéier » zesummen.



Och wann et d'Guiden a Scoute schonn zënter 100 Joer zu Lëtzebuerg gëtt, ass d'Opdeelung vun de Branchen an déi verschidden Altersstufen, wéi mir se haut kennen nach net esou al.



Éiert et d'Branche vun de Pionéier gouf, gouf et just d'Scouten. Dat ware Jonge vun 11 bis 16/17 Joer. Dës grouss Altersdifferenz ennerhalb vun der Branche huet et schwéier gemaach altersgerecht Aktivitéiten ze fannen an duerchzuführen. Dës Problem gouf et net just zu Lëtzebuerg. An eisen Nopeschlänner hu se dofir d'Branche vun de « Scouten » an 2 gespléckt. 1967 hu mir zu Lëtzebuerg och dës Schrëtt gewot an esou sinn d'Explorer (11-14 Joer) an d'Pionéier (14-17 Joer) entstanden.



D'Gebuert vun de Pionéier ass och den Ursprung vun de berühmte rouden Hiemer vun deenen haut nach jidderee schwätzt. Déi rout Hiemer sinn, grad wéi am Ausland, agefuert gi fir d'Pionéier vun deenen anere Branchen z'ënnerscheeden. Bei eisen Noperen ass dat haut nach ëmmer esou. Erënnert der iech nach un déi belsch a franséisch CaraPio, déi um GoUrban waren: si hunn haut nach rout Hiemer.

D'Caravellen a Pionéier hu séier gemierkt, dass eis Gesellschaft net just aus Männer oder Frae besteet mee aus engem gläichberechtigten Zesummeliewen an hu sech schonn 1992 um Chefdag zu Dikrech offiziell bestuet.



1994 mat der Fusioun vun den LGS ass dunn d'Branche vun de CaraPio, déi souwuel Jonge, wéi och Meedercher ophëlt, entstanden (bei allem Positivem vun der Fusioun si leider déi rout Hiemer verschwonnen). Eent ass sécher : Ob 1967 oder 2019 (à propos mir feieren also elo net 100 Joer mee « eréischt » 52 Joer ; also voll an der Midlife Crisis, mee dofir hu mir jo divers Aarbechtsgruppen, déi eis hëllef eise Wee net aus den Aen ze verléieren), d'CaraPio si mat eng vun de wichtegste Branchen vun eisem Mouvement. Am CaraPio-Alter fënnt de Passage vum Kand/Jugendlechem zum Erwuessene statt an de CaraPio léiert déi Wäerter, déi ee schonn an de jonke Branche mat op de Wee kruz, aktiv anzusetzen.



A fir all déi, déi schonn aus dem Alter vun de CaraPio sinn, an elo nostalgesch un hier CaraPio-Zäit zeréck denken, hu mir hie nach e puer wichteg Datumer zesummegezicht :

- 1967 : Grënnung vun de Pionéier
 - 1992 : Hochzäit Caravellen a Pionéier
 - 1994 : Fusioun vun den LGS : d'CaraPio entstinn
 - 1994 : Nationale Camp « Atlantis » zu Bierg, Gréiwemaacher
 - 1996 : Nationale CaraPio Camp « Konkret » zu Kandersteg
 - 2003 : Nationale CaraPio Camp « Slovenija » a Slowenien
 - 2008 : Nationale CaraPio Camp « Lux-X-Port » a Portugal
 - 2013 : Nationale CaraPio Camp « UK'an – Be Prepared » an England
 - 2017 : Nationale Camp « GoUrban » um Kirchberg
- Net ze vergiesse sinn och d'JoCaPi an den Iron Scout, déi all Joers um CaraPio-Programm stinn.

Mir feeën eis elo schonn, iech alleguer am Juli 2020 um Slov'IT, dem nächsten Nationale CaraPio-Camp, ze gesinn.

Lénks Patt.
Är CaraPio-Ekipp

HAPPY Birthday



50 Joer GRUPP PIERRE D'ASPELT LËTZEBUERG

Et gouf grouss gefeiert, dëst an deem eenzege Grupp vun den LGS dee reng Kanner a Jugendlecher mat enger Beanträchtegung huet.

Bal 250 aktiv a fréier Gamma a Chef hu mat hire Familljen de 25. November 2018 zu Suessem een flotten Dag verbruecht.



Moies ass et mat enger Scéance académique ugaang, déi gréisstendeels vun de Wëllef an Avex animéiert gouf; si hunn an engem grouse Sketch d'Liewen um Scoutscamp nogespillt. An engem zweete Voleit hu si unhand vu Verkleedungen ee gudden Deel vun de Véilléen aus deene leschte 50 Joer Revue passéiere gelooss. Zum Ofschloss huet d'Gammalidd net d'äerfe feelen. Nom Aperó ass et dunn op de Buffet gaang, dee jidderengem gutt geschmaacht huet.

Am Nomëtte souzen déi eng gemittlech bei Kaffi a Kuch, wärend déi aner bausse spille konnten, dëst mat Benevole vu Young Caritas. Et bleift nach ze erwänen, dass et deen Dag zu zwou wichtegen Erneierungen am Grupp koom: De Grupp nennt sech net méi Pierre d'Aspelt, mee heescht ab elo Gamma Lëtzebuerg. Nieft Wëllef an Avex, ginn et dann och elo Albatrossen, fir d'Membere weiderhin un de Grupp ze bannen.



GAMMA ALBATROSSEN

Den 3. Februar war et sou wäit. Bal 40 Gamma a Begleeder hunn sech mëttes zu Déifferdeng am Science Center fir hir éischt Albatrossaktivitéit getraff. Am Ufank sinn op eege Regie eng ganz Rei Experimenter gemaach ginn. Nieft Kraaft, Geschécklechkeet an Illusioune ware fir vill d'Roboter sécherlech een Highlight.



No enger klenger Stärkung, ass et dunn an déi éischt vun zwou gebuchte Showe gaang. Bei Fluides stounge Gas a Flëssegkeeten am Mëttelpunkt. Besonnesch d'Experimenter mam Dréchenäis a flëssegem Stéckstoff koume richtig gutt un. Am Elektreschcours ass dono geléiert ginn, wat et heescht positiv an negativ gelueden ze sinn. Ganz besonnesch spektakulär waren déi eenzel Blëtzer, dee gréissten hat 1,5 Meter.

No véier Stonne war dunn leider schonns Schluss, mee déi nächst Aktivitéit wäert net laang op sech waarde loosson. De Saz vum Dag: Et ass net alles Zocker, ma wann een dech fret wat et ass, dann äntwer 'Atomen', domadder bass du ëmmer richtig.

WANTED : CHEF a BEGLEEDER FIR GAMMA

Fir dass mir bei de Gamma weiderhi flott Aktivitéite maach kënnen, net nëmme bei den Albatrossen, mee ganz besonnesch och bei de Wëllef an Avex, si mir op eng ganz Rei Begleeder a Chef ugewisen. Falls du Loscht hues bei eis laanscht kucken ze kommen, da mell dech bei eis!

Kontakt: gamma@albatrossen.lu
Weider Infoen op www.gamma.lgs.lu
Mir géifen eis freeën.



Gutt ënnerwee!



Informatioun a Reservatioun
Sales-Lentz, Ären Expert fir Bus-Locatiounen
© (+352) 26 65 11
(Méindes bis Freides 8.00 - 17.00)
www.sales-lentz.lu

 **Sales-Lentz**
moving people

PIPPI LANGSTRUMPF



Am November stoungen d'Biber, d'Wëllef, d'Avex an d'Raro vun eisem Grupp fir déi fënneft Kéier zesummen op der Bühn. Dëst Joer hu mir Pippi Langstrumpf gespillt. Mir hunn zwee Méint laang geprouft an un de Kulissen a Kostümer geschafft, fir dono endlech virun engem Sall voll Leit ze spillen an si kënnen ze begeeschteren. Och wann mir alleguer e bëssen opgereggt waren huet et eis vill Spaass gemaach a mir freeën eis schonn op d'nächst Joer!

Mir hoffen dass mir dech da bei eis begrësse kënnen!

Réiserbänner Avex







Himmel oder Häll



1. Sich dir ee Partner.
2. Stiech deng Fanger vun enger Hand an déi eenzel Lächer vun dengem Spill.
3. Däi Partner nennt dir eng Zuel vun 1 bis 8.
4. Elo muss du däi Spill esou oft op an zou fale, wéi déi Zuel, déi dir däi Partner genannt huet.

5. Lo wielt däi Partner sech eng vun deene Faarwen aus, déi siichtbar sinn.
6. Lies dengem Partner d'Aufgab vir, déi hien am Bësch soll maachen.

 Bau eng Hütt mat de Saachen aus der Natur.	 Lauschter de Naturgeräischer no.	 Kloter op ee Bam.
 Lee en Mandala aus Naturmaterial.	 Sich eng Déierspur um Buedem.	 Entdeck een Déier am Bësch.
 Sammel an enger Tüt den Dreck deens de am Bësch fënns.	 Entdeck en Jäerhëichsetz.	 Entdeck een Déier am Bësch.



1. Aus engem A4 Blat ee Quadrat maachen



4. D'Blat ausernee falen, esou dat et erëm ee Quadrat ass.

6. D'Blat ëmdrëinen

2. D'Blat eemol falen, dass et ee groussen Dräieck gëtt.

7. An erëm déi véier Ecker an d'Mëtt falen.


8. Dann ass et fäerdeg gefaalt an et kann ee Saachen drop schreiwen a molen.



5. Dann déi véier Ecker an d'Mëtt falen.

8. Dann ass et fäerdeg gefaalt an et kann ee Saachen drop schreiwen a molen.

3. Dann dee groussen Dräieck wéi op der Foto nach eemol falen, esou datt ee klengen Dräieck doraus gëtt.



Scoutstechniken emol anescht

Kniet, Feier a Schnëtze sinn net nëmme Saache fir déi „grouss“ Guiden a Scouten. Nee, och als Wëllefchen kanns du dech schonns an deene Beräicher trainéieren. Duerfir fënns du op dese Säiten dräi flott Aktivitéite fir ze probéieren. Fro en Erwuessene fir dir bei diesen Aktivitéiten ze hëllefen.



Et ass och flott, wann een mol mat Plasti- linn üübt, einfach Kniet ze maachen.



Nach méi lecker ass et awer, mat engem Groussen zesummen, Kniet aus Deeg ze maachen! Déi Kniet ginn an der Friteuse gebak, a schmaachen och no der Fuesent nach gutt!

Rezept fir Kniet
Verwurrelter nom Ketty Thull

- 200g Miel
- 50g Maisstärke (Maizena)
- 3 Eeër
- 75g Botter
- 100 ml Ram
- 2 Päckelcher Vanillszocker
- 1EL Zocker
- 1 Pouz Salz
- ½ Pak Bakpulver
- E bëssen Zitrouneschuel
- Pudderzocker

1. Miel, Maisstärke, Bakpulver, Zocker a Salz mëschen.
2. Fir d'éischt d'Eeër, duerno de melle Botter an d'Ram derbäiginn a knieden.
3. Zitrouneschuel derbäimaachen
4. Stécker Deeg mat Miel op dem Dësch zu laange Wurschte formen, dorausser ee Knuet maachen.
5. An der Friteuse bei 175 °C ongeféier 3-5 Minutten frittéieren. Dobäi heiansdo mat engem Holzspiiss ëmdréien.
6. Um Kichepabeier ofdrëpse loossen a mat Pudderzocker bepudderen.
7. Du kanns d'Kniet waarm oder kal iessen.

Gudden Appetit!

Kniet üben

Et ass net einfach ee richtege Knuet ze maachen, dofir übe mir am Beschte bei all Geleeënheet, a mat vill verschiddene Schnéier. Schong strécken ass eppes ganz Wichtiges, virun allem deng fest Schong, mat deenen s du an de Bësch gees, solle fest gestréckt sinn, fir dass däi Fouss gutt geséichert ass, an dass du de Schong net verléiers.

Hei ee Spréchelche fir ze üben:

Do steet e schéine, grouesse Bam,
do kënnt en Hieschen, wat een Dram,
leeft séier ronderëm de Stamm,
a - schwupps - an de Bau eran.



1




2

Fir d'éischt iwwerkräiz déi zwee Stréckelen.



3

Da mëss du eng Schlauf: dat ass de Bam.



4

An déi aner Hand hëls du deen anere Stréckel: dat ass den Hues.



5

Den Hues leeft ronderëm de Bam.




6

An da geet den Hues an dat Läch eran, dat entstanen ass.



7

Zum Schluss, fest un den zwou Schlaufen zéien.



8

Scout toujours, même sur ta carte bancaire !



Dès à présent, commande ta carte bancaire BIL gratuite et personnalisée aux couleurs du LGS sur www.bil.com ou en agence.

Retrouve-nous sur   



Cette offre est soumise à conditions.
Renseignements sur www.bil.com ou en agence.

Vous avant tout



Banque Internationale à Luxembourg SA, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-6307

(+352) 4590 - 3000 www.bil.com

Schnëtzen am Sätzen

Eng Méiglechkeet fir d'Schnëtzen ze üben ass wann ee mat Muerten/Wuerzelen ufänkt. Et muss een elo net d'Kreatiounen aus dem Restaurant zauberen, mä et kann ee mat einfache Saachen ufänken, wéi zum Beispill engem Auto.

Och anert Uebst a Geméis kann een huele fir d'Schneiden, d'Schielen an d'Schnëtzen ze üben. Vill Iddien dozou, fënns du um Internet.

Denk awer drun:

Beim Schnëtze mussen mer sätzen an ëmmer vum Kierper ewech schnëtzen!

Vill Spaass beim Üben!



Téisäckelchen-Rakéit

Huel en Téisäckelchen a schneit en op. Schëtt den Téi virsiichteg an e Glas, dee kann een nach gebrauchen.

Maach den eidele Säckelchen op, a stell en den héije Wee op den Dësch.

Fänk den ieweschte Rand vum Téisäckelchen un! Kuck wat geschitt!



Gemittlech beim Käerzeliicht



Käerz aus enger Mandarine oder enger Orange

Et brauch een eng Mandarine oder eng Orange an et muss een d'Schuel an der Halschent opritzen. Dann muss een ganz douce probéieren d'Orange aus der Schuel ze kréien ouni dobäi d'Schuel oder dee wäissen Wutz an der Mëtt vun der Orange futti ze maachen. Dat ass eng ganz kniwweleg Aarbecht. D'Orange kann ee natierlech iessen.

Duerno schëtt een Ueleg an d'Schuel. Net ze vill; de wäisse Wutz muss een nach kënnen ufänken. Schonn huet een eng Orangekäerz. Wann ee wëll, kann een d' Käerz an eng Schoskel mat Waasser setzen. Da schwëmmt se.



Käerzen aus Kichelcher bastelen

(fir duerno z'iessen)

Wat brauch een:

- Verschidden Zorte Kichelcher
- Ganz Mandelen
- Schockela oder Zockerglasur

De Schockela schmélzen oder d'Glasur uréieren. Dann d'Kichelcher esou openee pechen, wéi een et op der Foto kann erkennen.

Gudden Appetit



Du brauchst:

- 1 Béchs,
- 1 waasserfesten Tuschbic
- Hummer
- Zaang
- 1 décken Nol
- 1 Kleederbigel aus Drot
- 1 Käerz

Fëll d'Béchs mat Waasser a setz se an den Tiefkühler (bis d'Waasser gefruer ass).

Zeechen e Muster op deng Béchs.

Schlo mat Hummer an Nol dengem Muster no, Lächer an d'Béchs.

Mam Bigel kanns du dir eng Hänk drummaachen.

Looss d'Äis entdeeen a setz eng Käerz an d'Béchs.



Natur-Pinselen

Am Bësch kann een net nëmme spadséiere goen, mee do kann ee mat wéineg Opwand och schéi Konschtwierker entsteoen. Hei weisen mir dir wéi s du dir an der Natur deng eege Pinsele fir ze mole bastelen kanns.

Folgend Material muss du mat an de Bësch huelen:

- Gouache Faarwen
- Puer Stécker Ficelle
- Eng Tut fir Natursachen ze sammelen

Sou kanns du dir am Bësch deng Pinsele bastelen:

1. Sich 2-3 kléng Äscht.
2. Sich no verschiddene Natursachen (Blieder, Dännenzapfen, Dännestraich,...)
3. Sich no engem schéinen, grouse Blat.
4. Befesteg déi eenzel Natursache mat denger Ficelle un den Äscht.
5. Lo kanns de ufänke mat molen.



PakGamelle

Wee kennt en net? De Scoutsklassiker Pakalu dierf natierlech op kengem Camp feelen. De leschten Dag gétt de Frigo eidel geraumt an alles zesumme mat e bëssi Kéis driwwer an Alu-folie gepaakt an an d'Glous geheit. Nom lesse bléift just nach e grouse Koup Alufolie iwwereg... Dee muss da ewechgehäit ginn.

Ass dat an dengem Grupp och esou? Da kuck emol an däi Rucksak a krom deng Gamelle eraus.

Ass se feierfest? Huet se en Deckel?

- Nee? Da kaf der eng nei... ;) Déi al mécht sech bestëmmt gutt als Blummendëppen!

- Jo? Da lass! Maach dëse Camp e PakGamelle am plaz vum Pakalu a spull deng Gamelle dono "einfach". ;) Vir dass dat mam Spullen och effektiv einfach gétt muss du just deng Gamelle mat Botter oder Fett areiwen an e Blat Kabes ënnert däi Menü leeë fir datt näischt ubrennt.

Hei e puer Tipps ronderëm de PakGamelle:

- Hal deng Gamelle kuerz iwwert d'Feier éier s du de Botter verschmierst, da gétt e waarm a léist sech besser verriewen.
- Och wann s du net esou frou mam Kabes bass, lee awer e Blat ënnen an deng Gamelle fir dass däin lessen net ubrennt.
- D'Gehacktes kanns du och réi an deng Gamelle maachen. Maach et ënnen dran – do kënt am meeschten Hëtz drun.
- Och d'Grompere mussen net virgekacht sinn. Da muss du se just dënn schneiden an och ënnen an d'Gamelle leeën.
- D'Sauerram (oder Ram) ass och wichteg am PakGamelle: Duerch d'Flëssegheet gétt alles gutt gekacht a verbrennt net esou séier.
- Du kanns och Kuelen uewen op deng Gamelle leeë fir datt de Kéis gutt schmëlzt.
- Wann s du eng Hänk un der Gamelle hues, brauchst du net onbedéngt eng Schëpp fir däin lessen aus der Glous ze huelen. (Foto Pol)

Looss der däi PakGamelle gutt schmaachen!

Pol a Lisa vun Dikkrich





Friddenslicht

Den 22. Dezember hunn
186 Guiden/Scoute vu Biber bis Chefs aus
11 verschiddene Gruppen un der **Friddenslichtsfeier**
zu Rodange deelgeholl.
Hei e puer Impressiounen:

Friddenslichtsfeier war fir mech, owes hellefen
Zopp ze kachen an deen aneren Dag owes
Veillée an der Kierch. <Jeff>

Friddenslichtsfeier huet mer gefall, owes mat
eisem Lampion ee Fakelzuch ze maache vun
der Kierch bis an eise Chalet. <Lily>

Friddenslichtsfeier war fir mech ee flott Er-
liefnis wou mer mat aner Kanner ee flotte
Rallye mëttes gemaach hunn. <Benoit>

Friddenslichtsfeier war fir mech flott, well mer
ee schéine Lampion gemaach hunn. <Sun>

Friddenslichtsfeier war fir mech eng
schei Veillée mat Lidder a Musek an
der Kierch. <Nyla>

Friddenslichtsfeier war fir mech flott an der Kierch ze
sinn, an dem Gesank mat Musek nozelauschteren. An
deen Dag virdrun mat menger Mamm am Chalet owes
konnten ze hellefen. <Laura>

Friddenslicht war fir mech, hellefen
esou vill Gromperen ze schiele fir eis
Geméiszopp. <Josée>

Friddenslichtsfeier war fir mech vill Organisatioun
virdru mat vill Hektik. Mee ech war awer ganz
zefridden um Dag selwer iwwer eis flott Zesum-
menaarbecht. Et war eng flott Erfahrung. <Joelle>

D'Friddenslicht bréngt fir mech Generatioun-
nen zesummen, et gëtt an engem rouegen,
relaxe Kader eppes zesummen erlieft. Fir vill
eng nei Erfahrung. <Michele>

Friddenslicht war fir mech vill hin
an hir Gerenns fir vun allem Fotoen
ze kréien <Claude>

Friddenslicht war fir mech d'Verde-
ele vun der Zopp un déi hongereg
Guiden a Scouten <Monique>



Perséinlech a spirituelle Weekend zu Bilschdref

De Weekend vum 2. op den 3. Februar ware 34 jonk Guiden a Scouten zu Bilschdref am Relais de l'Amitié fir sech selwer e bëssche besser kennenzeléieren. Fir an de Weekend eranzekommen hu mer eis e witzegen awer nodenkeche Film ugekuckt an driwwer diskutéiert. Den Owend gouf mat Gesellschaftsspiller ausklénge gelooss. Um Sonnde Moie stoungen 3 verschidden Atelieren um Programm. Am Nomëtteg hate mer nach een Temoignage iwwer de Wee op Compostella. Et war ee relaxen an entspa- nende Weekend, wou ee vill Méiglechkeeten hat sech Gedanken iwwer säi Liewen a seng Charge als Chef ze maachen.

Perséinlech a spirituelle Weekend um Neihaischen

Vum 19. op den 20. Januar hunn 49 jonk Chef/tainen um PS/Weekend um Neihaischen deelgeholl. Duerch Austausch an deene verschiddenen Atelieren haten d'Kandidaten d'Méiglechkeet sech Gedanken iwwer hiren eegene Liewenswee an hiert Engagement als Chef ze maachen. En Héichpunkt waren Temoignagen an den Austausch mat Invitéeën an engagéierte Guiden/Scouten.



PS-Formatioun



AS-Formatioun



Formatioun fir Animateur Spirituell

Et war eppes Neies,
fir déi 3 Kandidaten, déi vum 07.-09. Dezember d'Formatioun fir Anima-
teur Spirituell matgemaach hunn.

Hei de Feedback:
Flott Gesprécher, faarweg Gesprécher, interessant Gesprécher.
Ech beobachten eng grouss Oppenheet an Toleranz wat d'Meenungen,
d'Iddien an d'Formen ugeet.
Nolauschteren ass dacks schwéier, nogelauschtert kréien deet gutt.
Eppes maachen, zesummen eppes maachen, all zesummen eppes
maachen.

Silent Cooking - eng cool Erfahrung
Et ginn onendlech vill Weeër a Methode spirituell Wäerter ze vermëttelen;
et war interessant, déi verschidde Méiglechkeeten a Perspektive vun
deenen eenzelen Atelieren ze gesinn.



Am November 2018 huet d'ONGD zu Nidderaanwen hire 30ten Anniversaire geféiert.

A Präsenz vum Prënz Guillaume a senger Famill, de Minister, der Madame Carole Dieschbourg an dem Här Romain Schneider, dem Buergermeeschter, dem Här Raymond Weydert an de Verrieder aus der Gemeng, huet den Abdulaye Amadou, Directeur exécutif vum LADE – Les Amis de l'Ecole - am Niger, de Projet an d'Aarbecht mat a vun der ONGD virgestallt. Dono goufe vun der Gemeng Nidderaanwen e Patt & Schnittercher offréiert.

All de Leit déi gehollef hunn an all deene déi ons ONGD säit dem Ufank bis haut ënnerstëtzen, e ganz GROUSSE Merci !



E Gebuertsdagskuch huet natierlech net dierfe feelen!



Infoen ONGD

- Zanter Ufank Februar sinn 2 Volontären fir 6 Meint am Senegal zu Mboro, mat onsem Partner Jeunesse et Développement
- Wéi all Joer organisieren d'ONGD an d'LGS zesummen en NIGER Benefiziessen den 10.05.2019
- D'ONGD ass och um Centenaire LGS zu Miersch den 18.05.2019 mat Spiller an engem Stand mat dobäi.

Fir all Scoutsgruppen

Sidd dir interesséiert

- un der neier Oplag vum Spillclasseur
 - un Aktivitéiten zesumme mat der ONGD
- da mellst iech bei ons: anne.botzem@ongd-lgs.lu oder rufft un : 26 94 84 23 tel.

D'ONGD Guiden a Scouten fir ENG Welt seet dem Funky Donkey Festival e ganz härezech Merci fir Ären Engagement an Är Generosität an deene laschten Joren!
Merci a vill Courage fir d'Zukunft!



ODYSSEE 2020

2020 ass eng Odysse. D'RaRo Ekipp invitéiert all RaRo aus dem Land drun deelzehuelen.

Wat ass en Odysse Projet?

D'RaRo kënnen un engem internationale Camp-Chantier deelhuefen an der Sommervakanz 2020. Bei dësem Camp geet et drëm eng friem Kultur mat Jonke vun der Plaz ze entdecken a kennzeléieren. De Chantier an de kulturellen Austausch stinn dobäi am Mëttelpunkt. D'Campiwen a verschidde Visite sinn och en Deel vum Projet. D'Virbereedung vun engem Odyssee Projet fänkt mat der Aschreiwung um Weekend de Lancement un an dauert bis d'Odyssee Night Enn des Joers 2020. D'Preparatiounsweekender si fir

all Participant obligatoresch. D'Rees an den Openthalt am Land bezitt all Participant selwer. De Chantier gëtt duerch Don'en a Finanzaktiounen finanziert.

Weider Informatiounen kritt dir um Chefdag.

Fir all RaRo souvill wéi méiglech nei Frëndschaften ze erméiglechen, kënnen pro Projet nëmme 4 Leit aus engem Clan deelhuefen.



Aschreibe kann een sech JUST um Weekend de Lancement 12.-13.10.2019 um Neihaischen.

Är RaRo Ekipp

Wou geet et hinn?

- Bolivien
- Georgien
- Senegal

“Back-to-the-roots camp” am Fënsterdall

Sicht dir eng Campplaz matzen am Bësch? Dann ass de „Fënsterdall“ bei Miersch déi richteg Plaz!

Am Zentrum vum Guttland matzen an enger attraktiver Géigend ass de de Fënsterdall de Geheimtipp ënnert den entleeënen Campingsplazen zu Lëtzebuerg. An der Regioun vum „Dall vun de Siwe Schlässer“ kann ee vum Basecamp Fënsterdall aus vill Aktivitéiten plangen: Hike a Camp Volant, Bëschspiller, Naturerfarung, d'Géigend ronderëm de mytheschen Helperknapp kenneléieren, de Chalet Kuelbécherhaff ass och net wäit ewech... a villes méi.

Hei de „Fënsterdall“ a Stéchwieder:

- se ass ideal fir Guiden- a Scoutsgruppe bis maximal 80 Campeuren
- se ass op tëschent Ouschteren an Allerhellgen
- op der Wiss matzen am Bësch gëtt et en Iwwerdaach, eng Feierplaz an Toiletten
- op der Plaz ass en Drénkwaasseruschloss an d'Feierholz fënnt ee ronderëm am Bësch

- no elektreschem Strom sicht ee fir näischt
- d'Konstruktionsholz gëtt op Ufro op d'Campplaz bruecht an och nees ewechgeholl
- eng hallef Dose Parkingsméiglechkeeten oder mat Zuch a Bus via Miersch-Openthalt
- 18 € pro Dag kascht d'Basislocatioun fir mat enger Grupp 24 Stonnen am Fënsterdall ze campéieren; 80 € pro Woch fir jee 8 Léit komme fir d'Toilette dobäi.

Fir méi Informatioun iwwert de Fënsterdall a Reservatioun vun der Plaz kontaktéiert am beschte per Email w.e.g. de Verwalter Jeannot Bourg:

Email: bourgj@pt.lu

Tel: 23 63 04 77-1

GSM: 621 18 45 53

Internet: www.scotel.lu

Lëtzebuerg Guiden a Scouten A.s.b.l.





Neijoeschpatt 2019

Pot de nouvel an des «Lëtzebuenger Guiden a Scouten»

- Les LGS ont pu compter 400 nouveaux membres dans les groupes locaux.
- Une autre initiative importante de l'année 2018 était l'action «Paddel däi Kanu géint de Rietsstrom». De nos temps on rencontre beaucoup de xénophobie et les LGS ont à travers cette action montrés leurs valeurs de respect et de tolérance envers tout le monde.
- Les LGS sont fiers d'annoncer d'avoir pu mettre à disposition 2 nouveaux formateurs ainsi que de recruter 9 nouveaux candidats pour le Mérite Jeunesse.
- Cette année les «Lëtzebuenger Guiden a Scouten» fêtent leurs 100 ans! Les 100 ans se fêtent avec une séance académique le 1 mars et 3 événements grand-public qui auront lieu simultanément le 18 mai à Belval, Mersch et Luxembourg-Ville. Pour plus d'information visitez 100joer.lgs.lu



100 Joer Buch



100 Joer ass eng laang Zäit. Wie wësse wëll wat d'LGS vu 1919 bis haut schonn alles erlieft an erreicht hunn, kann sech op onsem Site 100joer.lgs.lu e Buch bestellen.

Native Village Formatiounscamp


Vum 7. bis den 10. Juni 2019 organiséiert d'Ekipp Native Village vun de Lëtzebuenger Guiden a Scouten e Formatiounscamp um Neihaischen fir d'RaRo a Cheffen. D'Participatioun zielt och als Recyclage (2 Paddelen).
Präis: pro Dag 20€ + Präis vum Workshop
Umeldung: nativevillage.lgs.lu/native-village-formation/
Wieder Informatiounen: tom.lahr@lgs.lu

Jidderee ka sech säi Programm individuell zesumstellen. D'Workshope si vun der Participantsziel limitéiert. Sclöfe kann een entweder am Zelt oder am Chalet.

Fledermaus-Nachtwanderung mit Christoph Postler

Dauer: Abends/2 – 3 Stunden / Datum: 9.6.2019
Teilnehmerzahl: max. 20 Leute
Preis pro Teilnehmer: 0 €

Während einer Nachtwanderung versuchen wir die Tiere mit einem Fledermausdetektor aufzuspüren.



Silexverarbeitung mit Dr Johann Tinnes

Dauer: 2 Tage / Datum: 8. – 9.6.2019
Teilnehmerzahl: max. 12 Leute
Preis pro Teilnehmer: 60€

In diesem zweitägigen Seminar erhalten die Teilnehmer eine Einführung in die Steingerätetechnik. Sie erlernen den Umgang mit den Materialien und stellen selbst Geräte aus Feuerstein, Geweih und Knochen her, die Teilnehmer erhalten eine Einführung in steinzeitliche Techniken und Feuerherstellung.



Naturerlebnispädagogik und Land-Art mit Christoph Postler

Dauer: 1 Tag / Datum: 9.6.2019
Teilnehmerzahl: max. 20 Leute
Preis pro Teilnehmer: 25 €

In diesem vormittäglichen Workshop werden neben theoretischen Grundkenntnissen der Naturerlebnis-Pädagogik einfache praktische Methoden vermittelt, wie Kindern oder Jugendlichen der Zugang zur Natur eröffnet werden kann. Nachmittags befassen wir uns mit Land-Art: In diesem Kurs lernen wir Methoden zur Anregung der künstlerischen Fantasie in der Natur.



Kräuterkunde mit Cathy Kirsch

Dauer: 1 Tage / Datum: 8.6.2019
Teilnehmerzahl: max. 12 Leute
Preis pro Teilnehmer: 25 €

Während enger Kraiderwanderung vun circa 2 Stonnen entdecke mir d'wëll Kraider um Neihaischen. Dobäi konzentréiere mir eis op déi, déi een och an der Küche ka verschaffen. Mir zauberen aus de Wëllkraider dann e leckeren 3-Gänge-Plat.



Römische und keltische Küche mit Christoph Postler

Dauer: 1 Tag / Datum: 8.6.2019
Teilnehmerzahl: max. 12 Leute
Preis pro Teilnehmer: 25 €

Hier werden Speisen und Leckereien nach römischer/keltischer Art zubereitet und probiert.



Schnitzen mit Kindern ab 5 Jahren mit Markus Stickling

Dauer: 1 Tag / Datum: 10.6.2019
Teilnehmerzahl: max. 15 Leute
Preis pro Teilnehmer: 40€

Im Kurs lernen die Teilnehmenden, Kindern spielerisch die Schnitzregeln zu vermitteln und das Schnitzen technisch richtig anzuleiten. Sie erhalten einen kleinen Einblick in mögliche Schnitzprojekte, wie z.B. Mikadostab, Gabel, Buttermesser oder Löffel sowie Musikinstrumente und schnitzen diese selbst. Dabei wird auch gezeigt, welches Werkzeug und welches Holz gut zu verwenden sind.



Lagerfeuerküche Kochen über dem Feuer für Gruppen mit Markus Stickling

Dauer: 2 Tage / Datum: 8. – 9.6.2019
Teilnehmerzahl: max. 10 Leute
Preis pro Teilnehmer: 70€

Mit dem richtigen Material wird die Feuerstelle zu einer gut zu bedienenden Hitzequelle, auf der das Kochen allen Spaß macht. Die Teilnehmenden lernen dabei das Feuer mit unterschiedlichen Mitteln zu entzünden. Zwischen den Kochzeiten kann, wer will, sein Essgeschirr selber herstellen.




De Shop

Verkaf vun LGS Artikelen bei „LESSURE Workwear“ zu den normalen Geschäftszäiten.
Mé - Sa / Lu - Sa : 10.00 - 18.00

1, Rue Jean Origer
L-2269 Luxembourg
Email: GSchilling@lessure.lu
Tel. 2694 5656

LESSURE
WORKWEAR



Statutenekipp

Mir hate jeeeweils eng Versammlung mat dem Verbandsrot, der Ekipp vum R.A.P. an mat all de Branchenekippe fir iwwert d'Stauten ze schwätzen. Mir hunn all Virschlag, deen iwwert d'Statutenännerung vun lech gemaach ginn ass, duerchdiskutiert. Är Proposen an Ännerungsvirschléi wäerte mat an déi nächst Versioun vun den Texter afléissen. All Infoen an eis Propose zu der Statutenännerung fannt der op statuten.lgs.lu



Impressum

LGS Zeitung- N°2, 2018/2019
Zäitschrëft vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten, kënn 3 mol am Joer eraus.
Redaktioun a Mataarbechter vun dëser Nummer : Zeitungsekipp, Branchenekippen, d'Team, Verbandssekretariat&Safab, PR-Ekipp, lokal Gruppen
Fotografie : LGS, lokal Gruppen, PR-Ekipp, Verbandsgrupp, Nico Schroeder
Éditeur :
Lëtzebuurger Guiden a Scouten
5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg
www.lgs.lu
Kontakt : platteknuet@lgs.lu
Bei Adressännerung w.e.g. de lokale Grupp kontaktéieren!
Dréckerei : Print Solutions
Gedrëckt op 100% recycléierte Pabeier
Oplo : 4600 Stéck

E grouse Merci, deenen, déi zu dësem Platte Knuet bäigedroen hunn !

Save the date!

06 2019 APR	JoCaPi CaraPio	10 2019 APR	Working-Camp Neihaischen	19 2019 APR	Avex-STIP
28 2019 APR	Wëllefchers-Rally zu Käl	01 2019 MEE	Bamplanzaktioun um Neihaischen	04 2019 MEE	Albatrossentreff 2019 zu Käl
04 2019 MEE	Weekend zu Orval	04 2019 MEE	Nuets-Rallye Avex	18 2019 MEE	Spotten 100 Joer LGS
25 2019 MEE	Biber a Wëllefchers-Andacht	08 2019 JUN	Formatiounscamp um Neihaischen	08 2019 JUN	Naturdag Wëllefcher um Neihaischen
11 2019 JUN	Sprangpréssessioun	14 2019 JUN	3. PS-Weekend	14 2019 JUN	Absurdcup Avex zu Réiser
16 2019 JUN	Bilschdréfer Kiermes	28 2019 JUN	GC-Rencoter	29 2019 JUN	Bibertreff zu Klierf
16 2019 JUL	Biber Yakari-Camp um Neihaischen	21 2019 JUL	Wëllef Yakari-Camp um Neihaischen	22 2019 JUL	World Scout Jamboree 2019 USA
01 2019 AUG	Scout Scarf Day 2019	01 2019 AUG	Sonnenopgangsfeier 100 Joer LGS	31 2019 AUG	STAP
21 2019 SEP	Kanudag Mareindall	22 2019 SEP	Chefdag Mariendall	16 2019 OKT	Verbandscongress zu Bielees

Exp.: Lëtzebuurger Guiden a Scouten

Luxembourg
Port payé
P/S.400

www.lgs.lu